

## Action Avenir Haïti asbl.

Siège social
41a Montée Willy Goergen
L-7322 Steinsel
Tél.: 33 55 36

email: contact@aah.lu
http://www.aah.lu
BIC: CCPL
IBAN: LU81 1111 2342 0345 0000

## ACTION AVENIR HAÏTI stellt sech vir …

Duerch eng Scoutsfrëndschaft tëschent Lëtzebuerger an Haitianer, ass d'Iddi entstane sech am Quartier Rivière Froide an der Gemeng Carrefour (westlech vu Port-au-Prince), méi z'engagéieren. Doropshi gouf Action Avenir Haïti am Dezember 2004 gegrënnt. Zënter 2009 besteet och an Haiti eng legal Partner-Organisatioun: Action Avenir Haïti Rivière Froide.

## EIS IDDI

Direkt a konkret Hëllef fir deem eenzelne Mënsch eng Existenz z'erméiglechen:

- Ënnerstëtzung vun enger Schoul fir Kanner vu mannerbemëttelten Elteren
- Ënnerstëtzung vu klengen Entreprisen an Handwierker duerch kleng Kreditter (Mikrofinanzement)
- Aner kleng Projeten (Beienzuucht, Opforstung, Hygiène, …)
- Nouthëllef am Fall vun Naturkatastrofen

Kréatioun offréiert vu Moskito Productions

## SCHOUL « LE REFORMISTE » am Quartier Rivière Froide

Am Laf vum Joer 2004 hunn eis Frënn d'Initiative geholl fir Kanner vun der Strooss liesen a schreiwen ze léieren, dëst mat Hëllef vun enger handvoll fräiwëllege Schoulmeeschteren.
Zënter Ufank 2005 gëtt dës Schoul vun AAH finanziell gedroen. Vun ufanks 50 ass d'Kannerzuel op mëttlerweil 200 geklommen. Well et sech mat eidelem Mo schlecht léiert, funktionéiert zënter 2006 och eng Kichen, déi fir all Kand eng waarm Molzecht pro Dag preparéiert.

- 200 Kanner
- 9 Klassen (C1 – C4)
- 9 Schoulmeeschteren a Jofferen
- 2 Kächinnen
- Portier
- Direkter + Assistent
- Conseiller pédagogique





## PARRAINAGE VUN ENGEM KAND

D'Rivière Froide ass ee relativ aarme Quartier, wou vill Kanner wunnen, deenen hir Elteren net méi do sinn, oder déi keng Méiglechkeet hu fir d'Schoulgeld ze bezuelen. Aus dësem Grond huet AAH een anonyme Parrainage an d'Liewe geruff. Fir 25 Euro de Mount kënnt Dir engem Kand et erméiglechen an dëser Schoul liesen a schreiwen ze léieren. AAH ass der Meenung, dass et méi gerecht ass fir all d'Kanner, wann dëse Parrainage anonym bleift.

10 € (Schoulkäschten) + 15 € (Iessen) = 25 €

Dir kënnt Pätter oder Giedel vun engem Kand ginn, andeems Dir all Mount 25 €, oder eemol d'Joer 300 €, op folgende Kont iwwerweist:
CCPL: IBAN LU81 1111 2342 0345 0000 mam Vermierk «Parrainage»
Weider Informatioune kritt dir um Telefon: 33 55 36 (Famill Theisen) oder iwwert Mail: contact@aah.lu





## MIKROKREDIT – WAT ASS DAT?

Déi meeschte Leit vun der Rivière Froide hu keng Chance fir ee richtege Kredit op enger Bank ze kréie fir hiert Handwierk oder hir Aktivitéit auszebauen, well si keng Garantie kënnen opbréngen. Dofir gëtt AAH de Leit d'Méiglechkeet fir ee Mikrokredit unzefroen. Sou ee Kredit läit tëschent 50 € an 300 €, je no Projet, deen an engem Zäitraum vun 1/2 bis 2 Joer zeréckbezuelt soll ginn.

D'Rivière Froide ass eng Duerchgangsregioun, wou vill Baueren aus de Bierger passéiere fir hir Wuer an der Haaptstad ze verkafen. Um Heemwee kafe si dann aner Produiten op de Stroossestänn an. Dat erkläert firwat mir haaptsächlech klenge Butteker mat engem Mikrokredit ënnert d'Äerm gräifen. Sou kann déi lokal Économie a klenge Schrëtt nees ugekuerbelt ginn.





## HAITI

- Gréisst: 27.750 m2 (10x méi grouss wéi Lëtzbg)
- Bevëlkerung: 9,7 mio.
- Sprooch: créole / franséisch
- Haaptstad: Port-au-Prince
- Haiti deelt sech eng Insel mat der dominikanescher Republik
- Alphabetisatioun: 52,9 %
- Mindestloun: 150 HTG / Dag (~2,64 €)
- Aarbechtslosegkeet: 33 %, mee 70% wann een de Sousemploi matrechent
- Bevëlkerung déi an extremster Aarmut lieft: 54%, hu manner wéi 1,25€/Dag
- Liewenserwaardung: 61 Joer
- Altersmoyenne: 21,4 Joer
- 2 haitianesch Dokteren op 10.000 Awunner
- … vun der Versklavung an d'Onofhängegkeet
- … eng Diktatur no der anerer
- … vill auslännesch Amëschung
- … niewent mënschgemaachte Katastrofen och Naturkatastrofen:
  1-2 Zyklone pro Joer, déi Iwwerschwemmunge bréngen
  2010 Januar: Äerdbiewe vun der Stäerkt 7.0
  222.500 Doudeger, 310.900 Blesséierter, 1.000.000 Leit ouni Doheem





## Action Avenir Haïti asbl.


Siège social
41a Montée Willy Goergen
L-7322 Steinsel
Tél.: 33 55 36

email: contact@aah.lu
http://www.aah.lu
BIC: CCPL
IBAN: LU81 1111 2342 0345 0000


## ACTION AVENIR HAÏTI se présente …

L'idée de s'engager dans le quartier Rivière Froide de la commune de Carrefour (situé à l'ouest de Port-au-Prince) est née d'une amitié entre des scouts luxembourgeois et haïtiens. Action Avenir Haïti fut ainsi fondée en décembre 2004. Depuis 2009 Action Avenir Haïti a une organisation partenaire légale en Haïti: Action avenir Haïti Rivière Froide.

## NOTRE IDÉE

De l'aide spontanée et rapide pour permettre aux particuliers de se construire une existence:


- soutien d'une école fondamentale pour enfants démunis et/ou monoparentaux
- soutien de petites entreprises et d'artisans à travers des microcrédits
- différents petits projets
- aide d'urgence en cas de catastrophes naturelles

Création offerte par Moskito Productions

## ECOLE « LE REFORMISTE » à Rivière Froide

Au cours de l'année 2004 nos amis haïtiens ont pris l'initiative d'apprendre à lire et à écrire aux enfants de la rue, avec l'aide d'enseignants bénévoles. Depuis 2005 cette école est soutenue financièrement par AAH et le nombre d'élèves a augmenté de 50 à 200. Etant donné qu'on apprend mieux avec un estomac bien rempli, AAH finance depuis 2006, une cantine scolaire qui sert un repas chaud par jour à chaque élève.

- 200 élèves
- 9 classes (C1 – C4)
- 9 enseigant(e)s
- 2 cuisinières
- 1 portier
- 1 directeur et 1 assistant à la direction
- 1 conseiller pédagogique





## PARRAINAGE D'UN ENFANT

Rivière Froide est un quartier assez pauvre où habitent beaucoup d'enfants orphelins ou démunis dont les parents ne peuvent pas payer les frais d'écolage. Pour 25 € par mois vous pouvez permettre à un enfant d'apprendre à lire et à écrire. AAH est pourtant d'avis qu'il est plus juste si ces parrainages restent anonymes.

10 € (frais d'écolage) + 15 € (un repas chaud par jour) = 25 €

Vous pouvez parrainer un enfant en faisant chaque mois un virement de 25 € ou bien 300 € pour toute une année sur le compte suivant:
CCPL: IBAN LU81 1111 2342 0345 0000 avec la mention «Parrainage»
Pour des informations supplémentaires veuillez appeler le 33 55 36 (famille Theisen) ou nous écrire un mail : contact@aah.lu





## UN MICROCRÉDIT – QU'EST-CE QUE C'EST?

Pour le développement de leur métier ou activité, la plupart des habitants de Rivière Froide n'a pas les moyens pour demander un crédit à une banque, faute de garanties. C'est pourquoi AAH a lancé un projet de microfinance. Un tel microcrédit se situe entre 50 € et 300 € et devra être remboursé dans un délai allant d'une demi-année jusqu'à deux ans selon le projet.

Rivière Froide est une région de passage où beaucoup de paysans de l'arrière-pays passent pour vendre leurs marchandises dans la capitale. Au chemin du retour ils achètent alors d'autres marchandises sur les stands de rue. Ceci explique pourquoi la majorité des demandeurs de microcrédits sont des marchands de rue. Ainsi l'économie locale peut se rétablir pas à pas.





## HAITI

- superficie: 27.750 m2 (10x plus grand que Luxbg)
- population: 9,7 mio.
- langues: créole / franséisch
- capitale: Port-au-Prince
- Haïti se partage une île avec la République Dominicaine
- alphabétisation: 52,9 %
- salaire social minimal: 150 HTG / jour (~2,64 €)
- chômage: 33 %, mais 70% en tenant aussi compte du sous-emploi
- population vivant en extrême pauvreté: 54%, disposent de moins de 1,25 €/jour
- espérance de vie: 61 ans
- âge moyen: 21,4 ans
- 2 médecins haïtiens sur 10.000 habitants
- … de l'esclavge à l'indépendance
- … une dictature après l'autre
- … beaucoup d'interférences internationales
- … à côté des catastrophes causées par l'homme, aussi des cataclysmes naturels:
  1-2 cyclones par an, aportant des inondations
  2010 janvier: séisme d'une magnitude de 7.0
  222.500 morts, 310.900 blessés, 1.000.000 sans abris

